WAT äntueren?

# Kann ech plakeg spadséiere goen?


4-7 ans

## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...

Bei dëser Fro laacht Dir vläicht an huelt Iech mol net d'Zäit, fir drop ze äntweren. Dir kënnt d'Fro awer och als gutt Geleeënheet notzen, fir Iech selwer ze froen, wéi Dir mam Thema Plakegsinn bei Iech doheem ëmgitt.

Dëst ass effektiv eng Fro, déi eis Schimmt an déi vun eise Kanner betrëfft an uschwätzt. Et ass net gutt, de Geck mat hinnen ze maachen.

An den éischte Jore vun hirem Liewe si vill Kanner gär plakeg a weise sech ouni Komplexer. Et stéiert si net, an der Ëffentlechkeet mat plakegem Hënner ronderëmzelafen oder an der Ëffentlechkeet op d'Toilette ze goen.



## „Theoretesch" Repèren

D'Normen a puncto Plakegsinn concernéieren d'sozial a kulturell Reegele vun der Sexualitéit, déi e Kand mat ca. 4 Joer léiert.

Schimmt manifestéiert sech am Alter tëschent 4 a 7 Joer. Am Folgenden en Iwwerbléck iwwer d'Entwécklung vun der Bezéiung zum Kierper an zu Intimitéit a Privatsphär.

- Mat 6 Joer gi Kanner ëmmer nach virwëtzeg a stelle Froen, mä si fänken och un z'erkennen, dass Erwuessener net méi esou oppe sinn, wéi si virginn. Obwuel Kanner méi introvertéiert a schimmeg ginn, spille si weiderhi sexuell Spiller (Dokterspillercher). Hir Sexualitéit entwéckelt sech net weider (Latenz). Normalerweis léiere si an dëser Phas, wat Intimitéit a Privatsphär heeschen.
- **Mat 6 Joer si se al genuch, fir sech eleng ze wäschen.**
- Mat 7 bis 9 Joer (dem Alter vun der Vernonft) kënne Kanner ufänken, sech onwuel ze fillen, wa si oder een anere plakeg ass. Si wëlle sech net méi virun anere Leit ausdoen an net méi plakeg ronderëmlafen. D'Kanner stelle manner Froen iwwer Sex a Sexualitéit. Si sinn net manner interesséiert, awer si hunn erkannt, dass et sech ëm e „schwéiert" Thema handelt, dat net ëffentlech diskutéiert gëtt.
- Dass si hir eege Geschlechtsdeeler (bei anere Kanner) weisen, ass am Alter tëschent 7 an 10 Joer méi rar a fänkt am prepubertären Alter nees un.

## D'Meenung vun den Experten/Expertinnen

D'Schéinheet vum eegene Kierper ze weisen, ass oft fir sech selwer an zäitlech begrenzt (jee no Alter).

**E gudde Repère: Wann d'Kand sech am Buedzëmmer aspäert oder sech verstoppt, fir sech net plakeg ze weisen, da laaft och Dir net méi plakeg ronderëm.** Grad wéi Erwuessener hunn och Kanner de Besoin, hir Privatsphär ze schützen. Als Kand ass et him net bewosst, wéi anerer hatt gesinn. Schimmt ass dofir kee Begrëff fir hatt. Si kënnt réischt no an no, wann d'Kand méi grouss gëtt. Hatt huet dann de Besoin, säi plakege Kierper ze bedecken, seng „Geheimnisser" ze schützen a bestëmmte Gefiller a Gedanke fir sech ze halen.

Dëse Besoin ka jee no Perséinlechkeet vum Kand méi oder manner staark ausgepräägt sinn, awer et ass wichteg, dëst ëmmer ze respektéieren. **Mat der Schimmt kënnt och, dass Kanner sozial Reegelen an d'Grenzen, déi bei Kontakter mat anere respektéiert musse ginn, léieren.** Dëse Léierprozess wäert dem Kand bei all senge soziale Bezéiungen hëllefen.

Ab 7 Joer gëtt d'Kand ëmmer méi schimmeg. Hatt versteet, wat Privatsphär ass, a kann d'Grenzen tëschent him an anere respektéieren.

De Grad vun der Schimmt ënnerscheet sech jee no Famill a Kultur (z. B. geet d'Famill a Skandinavien zesummen an d'Sauna). Wann Dir also d'Gefill hutt, dass e klärend Gespréich néideg ass, da schwätzt an Ärer Erklärung och d'Thema Selbstachtung a Respekt fir anerer un, mä ouni de Kierper ze verdäiwelen. Och wann Dir Ärem Kand net wëllt d'Gefill ginn, dass säi Kierper net schéin ass, ass et trotzdeem wichteg, him bäizebréngen, wéi et sech undoe soll, ier et Kontakt mat aneren huet. **Exhibitionismus (= sech plakeg weisen) als Pathologie (Krankheet) ass bei Kanner ganz seelen.**

Dat Wichtegst ass, dass Plakegsinn net dierf imposéiert ginn. Begéint en Elterendeel senge Kanner plakeg um Gank, fir an d'Kummer ze goen a sech unzedoen, dann dréit dëst zu enger gewësser Trivialiséierung vum Kierper bäi. Anerersäits leet en Elterendeel, dee sech plakeg an d'Stuff setzt, kee Wäert op géigesäitege Respekt an engem gemeinsamen Ëmfeld. Ass een „zoufälleg" plakeg, dann ass dat akzeptabel, mä Plakegsinn sollt net imposéiert ginn – virun allem, wa Kanner sech dobäi onwuel fillen.

## Tipps a méiglech Reaktiounen

- Et muss drun erënnert ginn, dass mir an eiser Gesellschaft net plakeg dobausse ronderëmlafen. Doheem hänkt et vun Iech, Ärer Bezéiung zu Ärem Kierper, Ärem Kand a sengem Alter of (cf. uewen).
- Niewent dem Schutz viru Keelt, Sonn, Aggressioune vu baussen etc. huet Kleedung och nach aner Aufgaben: Si soll d'Persoun ervirhiewen, de plakege Kierper a seng Intimitéit verstoppen, dat, wat ee stéiert, camoufléieren, dat, wat engem gefält, ënnersträichen oder Gender (genre) zum Ausdrock bréngen.
- Är Reaktioun ass wichteg, wann Äert Kand e Besoin no Privatsphär äussert. Andeems Dir Äert Kand respektéiert, léiert Dir et, sech selwer ze respektéieren, eege Grenzen ze setzen an d'Grenze vun aneren ze respektéieren.
- Maacht net de Geck mat Ärem Kand a respektéiert seng Wënsch bei dësem Thema. Wann hatt sech zum Beispill net wëll virun Iech oder engem aneren ausdoen, da respektéiert säi Choix. Suergt dofir, dass aner Erwuessener a Kanner sech och drun halen.
- Hëlleft him, sech an der Gesellschaft wuel ze fillen. Wa sech Äert Kand an der Schoul (z. B. fir sech beim Sportunterrecht anescht unzedoen) onwuel fillt, da schwätzt diskret mat sengem Enseignant* doriwwer.
- Spadséiert net plakeg virum Ärem Kand duerch d'Géigend, wann hatt sech dru stéiert. Wann hatt Iech zoufälleg plakeg gesäit, da maacht keen Drama draus, mä evitéiert dat an Zukunft, wann hatt sech onwuel spiert. Et geet net drëm, sech fir säi Kierper ze schummen, mä d'Schimmt vun Ärem Kand ze respektéieren.
- Forcéiert näischt. D'Schimmt wäert sech op eng natierlech Manéier entwéckelen. Wann hatt seng Geschlechtsdeeler beréiert (Selbstbefriddegung), da braucht Dir Iech keng Suergen ze maachen. Dëst ass eng natierlech Erfuerschung vum Kierper. Et ass Deel vun der Entwécklung vun engem Kand an et muss ee sech net dofir schummen. **Erënnert hatt awer drun, dëst net an der Ëffentlechkeet ze maachen, an erkläert him, wou et o.k. ass** (a senger Kummer oder am Buedzëmmer doheem).
- Beäntwert seng Froen op eng einfach Manéier a benotzt déi richteg Wierder, fir **d'Kierperdeeler z'identifizéieren.**
- Erkläert him, dass hatt d'Recht huet, esou z'empfannen: **Säi Kierper gehéiert him.**

planning familial

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site
**www.watantweren.lu**